

DE KAMPF GËINT LEUKEMIE

ASS EN

EKIPPE-
SPORT



*Den Tobi huet mir mat
senger Stammzellespend
d'lieue gerett
a meng Ekipp war e rise Support!
-LIZI*

*TOBI
de
Spender*

De Plooschter Projet invitéiert DECH, fir Stammzellespender ze ginn



**Plooschter
Projet**

Plooschter Projet asbl
30, rue du Cimetièrre
L- 3715 Rumelange

info@plooschterprojet.lu
Tel.: +352 621 69 51 55
CCPLULL PLOOSCHTERPROJET
IBAN LU67 1111 7033 0252 0000

All 15 Minutte kritt z.B. an Däitschland ee Mënsch d' Diagnos: Leukemie, eng Krankheet, déi jidderee kréie kann, ob Sportlerin, Kolleeg, Frënd/Frëndin oder Familljemember. Déi Krankheet ass dacks heelbar, mee vill vun de Kranke brauchen, fir kënnen z'iwwerliewen, eng Stammzellentransplantatioun. Dofir brauche mir DECH am Kampf géint de Bluttkriibs. Vlächcht si genee DENG Stammzellen d' Rettung fir e Bluttkriibspatient.

D' Bedingunge fir Stammzellespender ze ginn:

1. Tëschent 18 a 40 Joer hunn (ab 16 mam Averständnes vun den Elteren). Wann een eemol registréiert ass, kann ee bis 60 Joer Stammzelle spenden.
2. Maximum 2 Schwangerschafte gehat hunn (Feelgebuerten ageschloss).
3. Méi schwéier wéi 50 kg sinn.
4. Gesond sinn (dofir muss de Froebou ausgefëllt ginn).
5. Sech Blut huele loossen oder eng Spautprouf maachen.
6. Lëtzebuerger bzw. däitsch Nationalitéit / Wunnsätz hunn.

GËFF OCH DU STAMMZELLESPENDER & RETT LIEWEN

Wann s du d'Krittären erfëlls, da kanns DU op der Plaz eng Blut analys maache loossen. Domat kënn DU dann an déi weltwäit Datebank a bass domat disponibel, fir engem Mënsch mat Bluttkriibs eng Chance op d' Iwwerliewen ze ginn.

All weider Froe kriss du nach op der Plaz beäntwert. Du fënns eis och op eisem Internetsite www.plooschterprojet.lu an op Facebook. Mir freeën eis op DECH an hoffen eng grouss Unzuel u Leit mobiliséiert ze kréien!



Join the team
SAVE A LIFE
www.plooschterprojet.lu



OO payconia